# GRAPHOLOGIE.

E kômische Virtrâg fir eng Perso'n

Wien ass ower nun nach me' geheit ewe' eng Hausfrâ? ... Ass dât dann net wo'er ?.... Vu muerges bis ôwes op de Bên ... vu muerges bis ôwes ....... An engem drun : Botzen .. stepsen .. Bettermâchen .. Kachen .. bâcken .. Wäschen .. strecken .. stoppen.. flecken .. ..ech soe jo, vu muerges bis ôwes ..

An dann ass dât nach alles neischt .. wann ên di Mânsleit he'ert .bei mengem jiddenfalls .. Wösst der wât dien du deslescht gesôt huet ? " Dann hâl der Môd , wanns du et net me' packs " ---

Eng Môd ! ... fîr ze lâchen .. A wo' eng Môd hierhuelen, wann keng do ass ?

Dreimôl hun ech eng Annonce an d' Wort gesât.. Dreimol hun ech keng Äntwert krit .. We' et fir d've'ertmol dra stong , du huet endlech eng geschriwen ... ma , wât war ech do bâl eragefall..

En dausend Gleck, dass meng Frenndin mech drop opmerksam gemâch hât .... an dass ech er se'er ôfgesôt hun ... en dausend Gleck , soen ech iech .. a wât wär dât gin ?.

Si hât eng Pfotographie an de Bre'f geluegt .. navell kên iwelt Medchen , dât muss ech soen ..

Si huet Marie- Andrée gehâscht ... och navell kên iwele Numm ...

Hahahaha.. kên iwelt Medchen , kên iwele Numm, so' hun ech geduecht .. a mei Mann selbstverständlech och .. we' emmer,natirlech,war hien derselvechter Mênung we' ech, Et ass em ôwer och sei Gleck ..dass en zu alles Jo an Amen set soss ge'w et dack sche'n ..

Also , mir duechten allenzwê dem Medchen ze schreiwen, et soll sech présente'ere kommen .. du ko'm Gott sei Dank meng Frendin ... soss wär et ze spe't gewiescht .

Gott sei Dank soen ech .. well soss hätte mer D' Hell am êgnen Haus gehât .. ech kann iech et soen ..

Also meng Frendin ko'm grad zur Zeit .. si ass eng erfuere Perso'n , wât d'Dengschtmedercher ugêt .. si huet der bâl all Joer drei oder ve'er ...

Meng Frendin huet de Bre'f gelies .. si huet d'Pfoto gekuckt .. "Kên iwelt Medchen " sot se, kên iwele Numm .... méée..... sot se , kann ên dann haut nach eppes duerop gin ?.... Ech jiddenfalls net ..

"A we' mengst de dât ?" hun ech gefrôt ...

" Ech hun deslescht nach d' Erfahrung gemêt , ech

hât och ênt engage'ert wo' ech gemengt hât et wär kên iwelt Medchen, me' wât wor ech do eragefall ... ech kann iech et soen .. ni me' stellen ech elo ênt an,oni virdrun Renseignementer ze froen .. an , well ên duerop och net alles ka gin , lossen ech mer all ke'er eng Liewesbeschreiwung vun hinne gin , a wo' ech secher wês dass s'et selver geschriff hun ..

" Eng Liewesbeschreiwung" , hun ech gesot ,"do kennen se dach schreiwe wât se wöllen, dât kann dech dann nach neischt dengen ".

" Ma et gêt mir jo nömmen drem, fir e Schreiwes vun en an der Hand ze hun , dât ech kann un e Grapholog schecken ."

" E Grapholog " sot ech .. Wât kann dien da schon do mâchen "

" Ma du Dabo, sot se,"Dié fennt dach aus der Schreft ganz genê hîre Charakter .. , an dât ass dach dât Wichtigst ... Wât hues de vun engem Medhen wât net iwel ass, a wât kên iwele Numm huet ... wann et e Charakter huet, matt dem kê Mönsch êns get .. a bei dems de an dem êgenen Haus zum Sklav ges .."

" Am êgenen Haus zum Sklav .. dât wär jo onerhe'ert. An tatsächlech , meng le'f Leidd ... dât wär mir geschitt wann ech de Rôt vu menger Frendin net befollegt hätt..

A wösst der wât mer de Grapholog du geäntwert huet ... Mei Mann war sprachlos ... an ech och .. Dass et ower nach eso' Leidd op der Welt get , dât hätt ech net fir me'glech gehâl ...

Hei hun ech nach die Bre'f, dien de Grapholog mer gescheckt huet .. :

Di Perso'n, dêr hîrt Schreiwes ech hei viru mir hun, huet se'er schlecht Êgeschâften .. Si huet en herschsüchtige Charakter ... ass furchtbar stolz an agebild ... Si huet Veranlagung zu Hysterie ... an ass dobei ausgesprachen domm ... duerfir le'sst se sech och vu kengem eppes soen a si mecht emmer just ewe' se wöllt ..

Fir einigermôssen matt eso' enger Perso'n aus - zekommen, mussen di âner zu allem wât se mecht a set , Jo an Amen soen ...

An als eng Recommandatio'n stong dann nach ennen drenner : Ech warnen jidderên virun dêr Perso'n an et soll beileiwe kên sech matt er alôssen..

So huet dié gescheite Mann geschriwen .....

Agebild ... frech ... herrschsüchtig an domm .. Kann ê sich eppes Schlechteres denken ... an di Schreft, dât hätt der misst gesin ... jidderên hätt sech geschumt fir dem Grapholog eso' eppes ze schecken ... En hätt et emol net kenne liesen .... wann ...

e.ch net alles ê...genhännig ôfgeschriw hätt..

J. St .

------------